



# Votre pas vers une vie plus légère

Soyez les bienvenus au Haaptmann’s Schlass

elisabeth
am sozialen déngscht zu lëtzebuerg




# Dir stellt Iech Froen oder hutt Bedenken ?

Säit 1974 ass d'Haaptmann's Schlass e „Centre intégré pour personnes âgées", e CIPA. Zanterhier hu mir mat ville Leit geschwat. Mir wëssen, datt de Schratt an en Altersheim e ganz schwéiere Schratt ass, deen déi allermannste mat Freed maachen.

Et ass heiansdo guer net einfach mam Alter eens ze ginn an ze mierken, datt et net méi sou geet, wéi een sech dat virstellt. Et mécht een sech vill Suergen: Wéi laang soll dat heiheem nach riicht ausgoen? A wat kënnt dann op mech duer?

Loosst Iech net vum Liewen iwwerrompelen, steiert léiwer selwer.

Dofir proposéiere mir Iech eng onverbindlech Visite vun eisem Haus op där Dir eis all déi Froe kënnt stellen, déi Iech perséinlech um Häerz leien. Et ass eis ganz wichteg, dat Dir all d'Informatiounen hutt, ier Dir sou eng grouss Entscheedung trefft. Frot Iech bei eis e Rendez-vous, mir huelen eis ganz gäre fir Iech Zäit.

Och kënnt Dir Iech an eent vun eise Vakanzenzëmmere mellen, sou kritt Dir e gutt Gespier dofir, op Dir Iech bei eis wuelfille géift.

Et ass e schwéiere Schratt, awer et ass e Schratt a méi e liicht Liewen, a mir hu schonns oft héieren:

„Hätt ech dat do gewosst, wier ech éischter komm."

# Eist Engagement



**Am CIPA Haaptmann's Schlass schaffe mir all zesummen, fir datt Dir**

- bei eis en Doheem fannt, wou Dir Iech sécher a gutt spiert
- e selbstbestëmmt Liewe kënnt féieren, sou wéi Dir dat gewinnt sidd
- Är Liewensqualitéit erhalen oder souguer verbessere kënnt
- frëndlech a professionell Ënnerstëtzung ugebuede kritt, sou wéi Dir se braucht
- Iech och mat enger demenzieller Erkrankung gutt orientéieren a fräi beweege kënnt
- bei eis bis zum Schluss kënnt wunne bleiwen an och palliativ gutt versuergt gitt

# Eist Haus: de CIPA Haaptmann's Schlass zu Berbuerg









Eist Haus läit zu Berbuerg, engem Duerf an der Gemeng Manternach, am Osten vun eisem Land. Et besteet aus dem restauréierten, historesche Schlass vun 1775 an 3 neie Pavillonen, déi 2010 hir Dieren opgemaach hunn. Ronderëm ass e ganz schéine Park mat villen Tréppelweeër, Blummen a Raschtplazen. Sou sidd Dir hei zu Berbuerg matten an der Natur an awer och no um Liewen. Mam ëffentlechen Transport kommt Dir bis op Iechternach oder Gréiwemaacher an direkt nieft dem Haus fannt Dir flott Wanderweeër duerch de Berbuerger Bësch. Sou kënnt Dir vill ausserhalb vum Haus ënnerhuelen.

A wann Dir keng Loscht hutt eraus ze goen, braucht Dir just bis op de Rez-de-Chaussée ze komme fir rëm matten am Liewen ze sinn. Hei ass de Kär vum Haus, déi Plaz, wou sech d'Leit begéinen.

An eiser Cafeteria fannt Dir vill gemittlech Sëtzecker. D'Ambiance ass hell a frëndlech an et ass ëmmer Betrib. Am Haus fannt Dir och eise Restaurant, e Festsall, e klénge Buttek, e Coiffeurssalon, eise Café um Eck an eise Musée, an deem di laang Geschicht vum Haaptmann's Schlass dokumentéiert ass.

Dagsiwwer ass eis Receptioun ëmmer besat, wann Dir Froen hutt oder eppes Spezielles géift brauchen, si mir gäre fir Iech do.

Eist Haus ass en oppent Haus. Dir kënnt tëschent 6 Auer Moies an 10 Auer Owes zu all Moment eran- an erausgoen an Är Famill a Bekannte sinn häerzlech wëllkomm. Och wann ausserhalb vun dësen Zäiten eis Dieren aus Sécherheetsgrënn zou sinn, kënnt Dir awer gäre schellen.

# Eist Konzept: De Bewunner am Mëttelpunkt



**An eisem Haus ass Plaz fir Mënschen, déi sech ënnerscheeden no:**

- Alter
- Ausgesinn
- Situatioun
- Liewenserfarungen
- Interessen
- Fäegkeeten
- Wënsch
- Ziler an Erwaardungen
- ...

Dofir gi mir eis vill Méi, all eenzele Bewunner sou gutt wéi méiglech kennen ze léieren, fir jiddweree beschtméiglech ze begleeden. Mir si spezialiséiert op d'Betreie vu Leit mat demenziellen Erkrankungen. Wann déi verbal Kommunikatioun net méi sou gutt klappt, sinn Elementer aus der Biographie oft eng grouss Hëllef fir de Bewunner ze verstoen an e positiven Austausch mat him ze hunn.

Modern Technik erlaabt et eisen desorientéierten Bewunner sech fräi am Haus ze bewegen an och vun eisem schéine Park an den Terrassen profitéieren ze kënnen. E klénge Sensor mellt eise Mataarbechter direkt, wann de Bewunner d'Enceinte vum CIPA verléisst a weist och un, wou en sech grad befënnt, fir dat mir gläich intervenéiere kënnen.

**Dobäi orientéiere mir eis un de Prinzipie vun:**

- Géigesäitegem Respekt
- Liewensqualitéit
- Selbstbestëmmung
- Deelhuelen um Liewe vun der Gesellschaft.

A mir leeë ganz grousse Wäert op Frëndlechkeet an Hëllefsbereetschaft.







# Am Haaptmann's Schlass wunnen



**An eisem Haus ass Plaz fir 128 Bewunner**

- An 2 Vakanzenzëmmere bidde mir Iech d'Méiglechkeet eng kuerz Vakanz ze maachen, eis kennen ze léieren oder an enger Noutsituatioun betreit ze ginn.
- Di aner Zëmmer sinn d'Doheem vun eise Bewunner. Jiddweree kann sech säi Privatberäich no senge Virléifte gestalten an ariichten an sech drop verloossen, dat dës Privatsphäre vun all Matbewunner, awer och vun all Mataarbechter respektéiert gëtt.

**Am Ganzen hu mir:**

**128 Eenzelzëmmer an 2 Vakanzenzëmmer**
**All eis Zëmmer hunn e privat Buedzëmmer**





D'Liewen an eiser Struktur ënnerscheet sech net vill vun deem, wat Dir kennt. Wann Dir awer fir verschidden Alldagsgesten Ënnerstëtzung braucht, stinn Iech qualifizéiert an empathesch Mataarbechter zur Säit, déi Suerg droen datt Dir Ären Alldag sou autonom wéi méiglech liewe kënnt.

Dës Selbstännegkeet gëtt och duerch medezinesch an therapeutesch Betreiung gestäerkt, déi individuell op Är Bedürfnisser ausgeriicht ass an Är Liewensqualitéit beschtméiglech ënnerstëtzt.

# Am Haaptmann's Schlass d'Liewe genéissen



Eis Mataarbechter aus dem Service Menage schaffe 7 Deeg op 7 fir datt eist Haus ëmmer tipptopp an der Rei ass, an Dir Iech em näischt ze suerge braucht.

Och op eng gesond, appetitlech presentéiert an Äre Besoinen ugepassten Ernärung leeë mir grousse Wäert. Mir kachen a baken alles frësch an eiser Kichen.

**Eise Restaurant ass op**

- **tëschent 7:30 an 10:00 Auer fir Kaffi ze drénken**
- **tëschent 12:00 an 13:00 Auer fir d'Mëttegiessen**
- **tëschent 18:00 an 19:00 Auer fir d'Owesiessen**

Eis Kichenequipe bitt Iech eng saisonal an ofwiesslungsräich Kichen an eise Kach ass och ëmmer op der Plaz fir ze gesinn, ob et Iech geschmaacht huet. Är Ureegungen a Wënsch ginn, wann ëmmer méiglech, an d'Menupläng opgeholl.

Wann Dir bei eis am Haus eng Privatfeier wëllt organiséieren (Gebuertsdag, Jubiläum…), steet Iech eis Kichenequipe gären zur Säit fir ze plangen, ze organiséieren, ze kachen an ze zerwéieren. Wann Dir kuerzfristeg Leit wëllt invitéieren fir mat Iech zesummen z'iessen, kënnt Dir Är Inviteeën nach bis 9:30 Auer an der Kichen umellen.

Och ëm Är privat Wäsch këmmere mir eis gären, wann Dir dat wënscht.







# Am Haaptmann's Schlass d'Liewensqualitéit erhalen

**Eng ganz individuell Betreiung an dat gemeinsamt Liewen an Erliewen erméiglecht et de Mataarbechter fréi ze erkennen, wann et net méi sou gutt geet a geziilt mat lech Weeër ze sichen fir awer nach kënnen ob Är Interessen anzegoen an déi bestehend Fäegkeeten beschtméiglech ze erhalen.**

Dat kënnen Aktivitéiten fir:

- de Kierper
- d'Gediechtnes
- oder awer fir den Alldag sinn

Sou kënne mir jiddwereen dobäi ënnerstëtzen seng Liewensqualitéit ze erhalen, dat souwuel a Gruppenaktivitéiten, wéi och individuell.

Awer och hei kann a soll jiddwereen selwer entscheeden, ob en déi Hëllef wëllt an Usproch huelen oder net.









# Am Haaptmann's Schlass aktiv sinn



**Gemittlech wunnen, iessen a schlofen? Nee, dat ass nach laang net alles. Och e flotten Aktivitéitsprogramm gehéiert dozou! Mir maachen uspriechend an ofwiesslungsräich Proposen, a jiddweree ka selwer entscheeden ob a wéi en déi notze wëll. E kann aktiv matmaachen oder einfach nëmmen dat soziaalt Matenee genéissen. Eng individuell Begleedung an zesumme Spaass hunn stinn och hei am Mëttelpunkt.**

Gäre kënnt Dir och mat Ären Iddien zu dësem Aktivitéitsprogramm bäisteieren.

- Sport, Musek, Molen
- Kulturell Veranstaltungen
- Ausflich
- Baken, Kachen
- Keelespillen, Pétanque
- Gaardenaarbecht, ...





Aktiv um Liewe vun der Gemeinschaft deelhuelen an zesumme schéin a lëschteg Momenter erliewen deet gutt an dréit dozou bäi, datt dat soziaalt Mateneen hei am Haus angenehm an entspaant ass.

Well dësen Austausch mat de Bewunner awer och mat der Famill, de Bekannten an de Gäscht esou beräichernd a wäertvoll ass, organiséiere mir mat de Bewunner a Benevolen zesumme grouss Fester, déi schonn Traditioun hunn, an op déi mir eis ëmmer erëm freeën:

- Concerten
- Summerfest
- Hierschtfest
- Chrëschtmaart
- Themewochen
- Danznomëtteger, ...



# Dir hutt Froen, mir si gäre fir lech do:

| | |
|---|---|
| **Receptioun :** | 71 08 31-1 |
| **Vakanzezëmmer :** | 71 08 31-1 |
| **Assistante sociale :** | 621 182 049 |

hmsb@elisabeth.lu **www.elisabeth.lu**

**https://www.youtube.com/user/elisabethLuxembourg**

**https://www.facebook.com/elisabethonline/**









**CIPA Haaptmann's Schlass**
Brucherstrooss 4 | L-6831 Berbourg
T +352 71 08 31-1 | F +352 71 05 66
E hmsb@elisabeth.lu

elisabeth
am sozialen déngscht zu lëtzebuerg